

Wéi kann ee sech finanziell op säin éischte Puppelche preparéieren?

Kaaft nätzlech a keng iwwerflësseg Saachen!

Während sengen éischten zwee Joer brauch e Puppelche vill Equipement: Miwwelen, Spillsaachen, Accessoires, Kleeder, woubäi ee natierlech wësse muss, dass dëst Equipement oft erneiert muss ginn, well hien 18 Joer laang wuesse wäert.

Verschieden Optiounen

- Kaaft nëmmen dat strikt Nouwennegt, well dës Equipementer ginn nëmmen eng ganz kuerz Zäit benotzt. Schwätzt mat erfahrener Elteren doriwwer, déi scho méi al Kanner hunn.
- Firwat net Second hand-Kleeder a –Saache kafen? Zu Lëtzebuerg gëtt eng Rei vu Second hand-Butteker, déi vun Allem verkafen, an dat oft an engem ganz gudden Zoustand. Ëmfrot lech och an Ärem Ëmfeld.

Dobäi kommen och aner Käschte wéi eventuell d'Plënnere, de Kaf vu méi engem geraimegen Auto oder d' Renovatioun vun Ärer Wunneng, genee wéi d'Souscriptioun vun enger Zousatzkrankenversicherung.

D'Crèche oder de Congé parental?

Och wann d' Lëtzebuurger Regierung plangt, dass d' Betreuungsrichtungen fir Kanner bis 3 Joer an enger méi oder manner wäit entfernter Zukunft gratis solle sinn, d' Frais de garde bleiwen e grouse Käschtepunkt fir d'Elteren (ongeféier 1.280€/Mount). D'Verkierzung vun der Aarbechtzäit während den éischte Liewensjoere vun Ärem Kand kann ënner Ëmstänn vu Virdeel sinn.

All Elterendeel huet en individuellt Recht op dee selwechte Congé fir dat selwecht Kand. Zu Lëtzebuerg kann de Congé parental entweder während 6 Méint (Vollzäit) oder 12 Méint (Deelzäit) geholl ginn. Dat erlaabt et den Elteren, sech ëm d'Erzéiung vun hire Kanner ze këmmere a garantéiert gläichzäiteg eng Pauschalindemniséierung an d' Méiglechkeet, um Enn vum Congé erëm eng Plaz ze fannen.

Denkt un d'Zukunft...

E Puppelchen an der Famill begréissen ass näischt fir op déi liicht Schëller ze huelen. Dir musst finanziell Choixen treffen an är Besoinen gutt am Virus plangen.